Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

A1

Commentaire *Editioun 2017/2018/2020*

1. **Aleedung**
2. **Mat *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* Lëtzebuergesch léieren**
   a. **D'Zilgrupp**
   b. **D'Léierwierk**
3. **D'Ausernanersetzung mat der Sprooch**
   a. **D'Héierverstoen**
   b. **D'Liesverstoen**
   c. **D'Schwätzen**
   d. **D'Schreiwen**
   e. **De Lexique**
   f. **D'Grammatik**

1. Aleedung

Dat neit Léierwierk *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* orientéiert sech um *Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen* (GER)[1] a baséiert um *Leitfuedem fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch an der Erwuessenebildung*[2], deen 2009 um INL ausgeschafft ginn ass. Dëse Leitfuedem soll den Enseignanten* hëllefen, d'Unterrechtskonzept vum GER besser ze verstoen an ëmzesetzen.

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? ënnerstëtzt e schüler- an handlungsorientéierten Unterrecht, bei deem Kompetenzen an alle véier Beräicher (Héierverstoen, Liesverstoen, mëndlechen Ausdrock a schréftlechen Ausdrock) vermëttelt ginn an an all Kapitel rezeptiv, produktiv a kognitiv Kompetenze gefërdert ginn. De Schwéierpunkt läit awer op der mëndlecher Rezeptioun a Produktioun.

Duerch déi speziell sproochlech Situatioun zu Lëtzebuerg, mat dräi offizielle Landessproochen, ginn d'Apprenanten am Alldag wéineg mam Lëtzebuergeschen als Schréftsprooch konfrontéiert. Zeitungen, Stroosseschëlter an och offiziell Matdeelunge si meeschtens op Franséisch oder Däitsch. Dofir ass déi schréftlech Kompetenz zwar e wichtegt didaktescht Mëttel, fir Lëtzebuergesch ze léieren, huet awer

[1] Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: Lernen, lehren, beurteilen. Langenscheidt-Verlag, Berlin/ München 2001.

[2] INL (Hg.): Leitfuedem fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch an der Erwuessenebildung. A1 Entdeckungs- oder Aféierungsniveau. (www.inll.lu >Ressources pédagogiques >Elaborer un cours de luxembourgeois)

* Bezeechnunge wéi „Enseignanten", „Apprenanten", „Schüler" asw. sollen als genderneutral verstane ginn.

am Prinzip net dee selwechte Stellewäert wéi an anere Länner, wou d'Auslänner konstant mat der Landessprooch konfrontéiert sinn. Aus dësem Grond huet och am Léierwierk de schréftlechen Ausdrock e manner grousse Stellewäert wéi de mëndlechen Ausdrock, d'Héier- oder Liesverstoen.

2. Mat *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* Lëtzebuergesch léieren

a. D'Zilgrupp

Dat neit Léierwierk adresséiert sech un Erwuessener, déi nach kee Lëtzebuergesch schwätzen an déi e Lëtzebuergeschcours besichen, fir d'Sprooch ze léieren. D'Stonnenzuel fir en Niveau A1 ze erreechen ass am „Leitfuedem" op ca. 120 Stonne festgeluecht ginn[3]. Dëst ass als ongefeier Richtlinn geduecht an hänkt vu ville verschiddene Krittären of, virun allem vun der Zesummesetzung vun de Klassen. Duerch en héije Prozentsaz vun auslännesche Matbierger an e groussen Undeel u Frontalieren aus Frankräich, Däitschland an der Belsch setzt d'Zilgrupp vum INL sech duerchschnëttlech aus ongefeier 100 verschiddenen Nationalitéiten zesummen. D'Apprenanten zeechne sech domat net nëmmen duerch ënnerschiddlech Mammesproochen a Léierbiografien aus, mee si hunn och verschidde soziokulturell Hannergrënn.
Och d'Grënn, fir Lëtzebuergesch ze léieren, si ganz verschidden a gi vum Wonsch, sech besser ze integréieren oder déi duebel Nationalitéit ze kréien, iwwer d'Erhéijung vun de Chancen um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart bis hin zu staatlechen Oplagen.

Well dëst Léierbuch warscheinlech och a Privatschoule vun der Erwuessenebildung, Owescoursen a Gemengen oder Coursen op Universitéiten agesat gëtt, ass dat primäert Zil e Léierwierk ze schafen, dat dës Zilgruppen an hirer ganzer Diversitéit usprécht.

b. D'Léierwierk

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? besteet aus aacht Kapitelen an zwee Widderhuelungskapitelen. An de Kapitelen 1 bis 4 steet d'Presentatioun vun der Persoun am Mëttelpunkt (Numm, Nationalitéit, Sproochen, Alter, Adress, Beruff, Hobbyen ë.a.). D'Kapitele 5 bis 6 behandelen dat not Ëmfeld an déi elementar Interaktioun am alldeegleche Liewen.

D'Léierwierk deckt den Niveau A1 an alle véier Kompetenzen of; plazeweis geet et awer och doriwwer eraus. Generell kann ee soen, datt déi rezeptiv Kompetenzen sech ëmmer méi séier wéi déi produktiv entwéckelen. Sou kann en Apprenant Texter vu méi engem héijen Niveau verstoen, och wann en se selwer ni op dësem Niveau produzéiere kéint.

D'Theeme sollen e méiglechst breede Public uspriechen an eng optimal Virbereedung op Alldagssituatioune bidden. Déi situativ agebonnen Héier- a Liestexter an déi interaktiv Übunge sollen dem Apprenant eng erfollegräich Kommunikatioun erméiglechen. Mat de Kommunikatiounskëschten, déi an all Kapitel ze fanne sinn, léieren an trainéieren d'Apprenanten typesch Strukturen, fir op elementarem Niveau matenee schwätzen ze kënnen. Sou entsteet en Austausch vu perséinlechen Informatiounen tëschent de Leit, deen iwwert den Unterrecht an der Klass erausgeet. Dësen Transfert vu situativen Unterrechtsinhalter an dat perséinlecht Liewe soll d'Ëmsetze vu geléierte Strukturen am Alldag erliichteren.

Grammatesch Formen a Strukture gi virun allem duerch Spriechübungen imitativ geléiert. Op dës Manéier eegnen d'Apprenanten sech déi korrekt Formen induktiv un. Op ville Plazen am Buch ginn

3 Leitfuedem_A1_V2.1, S.4

déi nei grammatesch Elementer zousätzlech an enger Këscht visualiséiert an ervirgestrach, fir se besser memoriséieren ze kënnen.

Den Opbau vun engem Kapitel

- Op den zwou Aféierungssäite kritt een duerch d'Oplëschtung vun de Léierziler an duerch Fotoen, Biller a kleng Aktivitéiten en éischte Kontakt mat der Thematik vum Kapitel.
- Op deenen nächsten aacht Säite ginn déi verschidde Léierziler mat Hëllef vun ënnerschiddlechen Übungen an Aktivitéiten opgeschafft. D'Léisungen zu dësen Übunge fënnt een online.
- An all Kapitel gëtt eng Problematik vun der Aussprooch behandelt.
- Zum Schluss vun all Kapitel ginn all déi nei geléiert Elementer an engem finalen Dialog, deen eng konkreet Sproochsituatioun thematiséiert, nach eng Kéier opgegraff.
- D'Säit *Op ee Bléck* gëtt en Iwwerbléck iwwert déi nei grammatesch Elementer, Strukturen a Verben, déi am Kapitel geléiert gi sinn.
- Op deene leschten zwou Säiten, an der Rubrik *Land a Leit,* gëtt d'Land Lëtzebuerg virgestallt, ëmmer am Zesummenhang mam Theema vum Kapitel.

D'Transkriptiounen

Fir d'Héiertexter, déi net och als Liestext ofgedréckt sinn, gëtt et Transkriptiounen hannen am Buch. Dës Transkriptioune kënne gebraucht ginn, fir eventuell Froen, Diskussiounen oder Onstëmmegkeeten, déi beim Lauschteren opgetruede sinn, ze klären.

D'Zousazmaterial

Den Inhalt vun de Kapitele gëtt duerch Übungen am Zousazmaterial ergänzt, op déi am Léierwierk duerch eng Uweisung an e Piktogramm verwise gëtt. Dës Übunge sinn entweeder a Form vun Aarbechtsblieder, Käertercher oder Wiesselspiller. Fir verschidden Übungen ass eng Virbereedung vum Enseignant erfuerdert, d.h. verschidde Materialie mussen am Virfeld erausgeprint, zerschnidden, an eventuell och plastifizéiert ginn.

D'Widderhuelungskapitelen

Et gëtt zwee Widderhuelungskapitelen, dat éischt no de Kapitelen 1 bis 4 an dat zweet no de Kapitele 5 a 6. E Widderhuelungskapitel besteet aus véier Säiten, op deenen d'Inhalter aus de Kapitele virdrun opgegraff ginn.
Op der éischter Säit si verschidden Übungen, op der zweeter Säit ass e laangen Héiertext mat Multiple-Choice-Froen an op der drëtter Säit ass e Wierfelspill, mat deem d'Apprenanten am Grupp spilleresch de Vocabulaire an d'Strukture widderhuele kënnen. Déi lescht Säit ass eng perséinlech Evaluatioun, an där all Apprenant fir sech selwer ausfëlle kann, wat e gutt oder manner gutt kann a wat en nach eng Kéier widderhuele sollt. Dës Evaluatioun gëtt am beschte Fall an der Klass ausgefëllt, fir datt den Enseignant bei eventuelle Verständnesproblemer hëllefe kann.

D'Grammatik

Hannen am Buch sinn déi grammatesch Elementer aus de Kapitelen nach eng Kéier zesummegefaasst opgelëscht. Dat erméiglecht e séiert Noschloe vun deenen eenzelne Punkten a gëtt e Gesamtiwwerbléck iwwert d'Grammatik, déi geléiert ginn ass.

D'Verbelëscht

An der Verbelëscht sinn 100 wichteg Verben am Indicatif Présent duerchkonjugéiert. Déi onreegelméisseg Forme si rout markéiert.

D'Wierderlëscht

D'Wierderlëscht am *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* enthält de Basisvocabulaire, deen d'Apprenanten aktiv solle benotze kënnen. Si ass no Kapitelen an innerhalb vun de Kapitelen och nach eng Kéier thematesch opgedeelt. Innerhalb vun engem thematesche Schwéierpunkt sinn d'Wierder ausserdeem no de verschiddene Wuertaarten opgelëscht.

Wann eng ganz Grupp vu Wierder, wéi z.B. d'Faarwen (Kapitel 1) oder d'Kierperdeeler (Kapitel 6) schonn am Kapitel opgelëscht ginn, gi se net nach eng Kéier an der Wierderlëscht widderholl.

D'Wierderlëscht ass net just do, fir Wierder nozeschloen, mee kann d'Léieren an d'Übe vun neiem Vocabulaire ënnerstëtzen. Dofir gëtt et z.B. déi zweet Kolonn, an déi d'Apprenanten eng Iwwersetzung draschreiwe kënnen. D'Wierderlëscht bilt och eng gutt Basis, fir eng Vokabelkartei[4] zesummenzestellen. D'Apprenantë mussen net selwer dee wichtege Vocabulaire aus dem Léierwierk eraussichen a mat den Artikelen an dem Pluriel ergänzen, mee kënnen direkt op eng fäerdeg Lëscht zeréckgräifen. Zu zwee oder a klenge Gruppe kënnen d'Apprenantë sech och géigesäiteg opfroen (z.B. Plurielformen oder weiblech a männlech Forme vu Beruffer), Wierder zu engem bestëmmten Iwwerbegréff sichen (z.B. Kierper), oder Wierder mat engem bestëmmte Buschtaf sichen (z.B. Familljemembere mat „B": Bouf, Bomi, …)

An der Wierderlëscht ginn d'Substantive meeschtens mat deenen zwee Artikelen (onbestëmmt a bestëmmt) uginn. Wann d'Apprenanten d'Wierder direkt mat deenen zwee Artikele léieren, kënnen se automatesch de Genre bestëmmen. Substantiven, déi op engem Ufängerniveau souwisou net mam onbestëmmten Artikel gebraucht ginn (well dat just a feste Verbindunge resp. mat engem deklinéierten Adjektiv de Fall ass), gi just mam bestëmmten Artikel uginn. Sou steet z.B. just „de Verkéier", an net „e Verkéier" an der Lëscht. Genausou goufe seelen oder net gebräichlech Plurielformen an der Wierderlëscht ewechgelooss. Dëst ass z.B. de Fall bei „Verkéier" oder „Mëllech".

3. D'Ausernanersetzung mat der Sprooch

D'Léiere mat *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* baséiert op enger Übungstypologie, déi a sechs verschidde Beräicher vun der Sproochveraarbechtung gegliddert ass. Nieft deene véier sproochleche Kompetenzen, déi et am Europäesche Referenzkader gëtt: Lauschteren, Liesen, Schwätzen (mëndlech Produktioun a mëndlech Interaktioun) a Schreiwen, kommen nach Lexique a Grammatik derbäi.

[4] Eng Vokabelkartei besteet aus enger Këscht mat véier Gefaacher a Karteikäertercher mam Vocabulaire op der viischter Säit an der respektiver Iwwersetzung op der Récksäit. Am éischte Gefaach si Vokabelen, déi een nach net kann an déi een dofir all Dag widderhuele sollt. Vokabelen, déi ee scho kann, réckelen ee Gefaach no hannen. Wat d'Vokabele méi wäit no hanne réckelen, wat se manner oft widderholl musse ginn. Ëmmer wann ee Vokabel net méi gewosst ass, réckelt d'Käertchen erëm an dat éischt Gefaach.

Die sechs Sprachverarbeitungsbereiche[5]

1 Hörverstehen A gezieltes Hörverstehen B globales Hörverstehen C detailliertes Hörverstehen	***2 Leseverstehen*** A gezieltes Leseverstehen B globales Leseverstehen C detailliertes Leseverstehen	**REZEPTIV**
3 Sprechfertigkeit (mit Aussprache) A reproduktives Sprechen B gelenktes Sprechen C freies Sprechen	***4 Schreiben*** (mit Rechtschreibung) A reproduktives Schreiben B gelenktes Schreiben C freies Schreiben	**PRODUKTIV**
5 Wortschatzerwerb A Wortschatz verstehen B Wortschatz reproduzieren C Wortschatz benützen D über Wörter reflektieren E Benützen eines Wörterbuches	***6 Grammatikerwerb*** A Grammatikalisches erkennen B reproduktive Grammatikübungen C gelenkte Grammatikübungen D Grammatikalische Formen und Strukturen benützen E über Grammatik reflektieren F Benützen eines Grammatikbuches	**KOGNITIV**

Bei der Entwécklung vun de Kompetenzen an de sproochlechen Handlunge gëtt tëschent rezeptiven a produktive Kompetenzen ënnerscheet, woubäi den Oflaf vun den Übunge gemengerhand mat enger rezeptiver Phas ufänkt an da weider an eng produktiv Phas féiert. Sou zum Beispill, wann d'Apprenantë fir d'éischt héieren, wéi den Dagesoflaf vun enger Persoun ass, dës Informatioune weiderverschaffen an trainéieren, bis se zum Schluss iwwert hiren eegenen Dag schwätze kënnen (cf. Kapitel 4, S.53).
Wéi scho gesot, kënnen déi rezeptiv Héier- a Liesübunge méi komplex si wéi déi mëndlech a schréftlech Produktiounen, déi d'Apprenantë selwer produzéieren.

a. D'Héierverstoen

An der alldeeglecher Kommunikatioun ass d'Héierverstoe vun zentraler Bedeitung. E Gespréich mat anere Persounen, Informatiounen iwwer Radio oder Tëlee, oder Duerchsoen op der Gare oder am Supermarché musse méiglechst direkt verstane ginn, well se net onbegrenzt widderholl ginn. An enger Héiersituatioun sinn d'Apprenanten also ëmmer engem gewëssenen Drock ausgesat.
Am Cours kann een dës Realitéit net ganz authentesch eriwwerbréngen, well de Kontext feelt, deen dobaussen oft beim Verstoen hëlleft. Trotzdeem sollen d'Héiertexter just zwee bis dräi Mol an net onbegrenzt oft gelauschtert ginn, fir esou gutt wéi méiglech déi reell Situatioun erëmzespigelen.

5 © Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich

Zil vum Lauschteren	Zort vum Héierverstoen	Beispiller
Sech een allgemengen Androck verschafen	Globaalt Héierverstoen	• 2. Wat fir en Dialog passt bei wat fir eng Annonce? Lauschtert a kombinéiert. (S.43) • 1. Lauschtert an nummeréiert d'Zeenen. (S.69)
Eng spezifesch Informatioun eraushéieren	Selektiivt Héierverstoen (geziilt Lauschteren)	• 4. Wat fir Zuelen héiert Dir? Lauschtert an notéiert. (S.24) • 6. Liest a lauschtert den Text. Fëllt d'Postkaart fäerdeg aus. (S.59)
Eppes genau verstoe wëllen	Detailléiert Héierverstoen	• 4. Liest d'Sätz a lauschtert. Kräizt „richteg" (R) oder „falsch" (F) un. (S.41) • 5. Wat ass richteg? Lauschtert a kräizt un. (S.65)

Fir all Ecoute, déi an der Klass gemaach gëtt, sollt wa méiglech folgenden Oflaf respektéiert ginn:

1. D'Virentlaaschtung

D'Virentlaaschtung ass eng Zort Astëmmung op d'Theema a soll den authentesche Kontext ersetzen, dee feelt, wann een Héiertexter am Cours lauschtert. Dëst kann duerch Biller, Fotoen oder Geräischer (z.B. K4, Land a Leit) geschéien, déi an direkter Relatioun mam Theema stinn, dat duerno am Héiertext virkënnt. Duerch d'Virentlaaschtung gëtt generellt Virwëssen a Weltwëssen aktivéiert. Duerch Erwaardungen an Hypotheese klëmmt d'Motivatioun, fir erauszefannen, wat schlussendlech am Héiertext gesot gëtt.

2. D'Übunge liesen a verstoen

D'Zil vun dëser Phas ass et, alles, wat net zur eigentlecher Aufgab, also dem Lauschteren u sech, gehéiert, ze klären. Virun der Ecoute soll et fir all Apprenant kloer sinn, op wat e beim Lauschteren oppasse muss. Dofir sollten d'Übunge fir d'éischt gelies an eventuell Verständnesproblemer aus dem Wee geraumt ginn. Am *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* kommen ausserdeem ëmmer erëm änlech Aufgabestellunge vir (z.B. „richteg" oder „falsch" ukräizen, Aussoe mat Zeene kombinéieren ...), fir d'Apprenanten net onnéideg duerch eng ze grouss Diversitéit vun Übungstyppen ze irritéieren an/oder ofzelenken.

3. D'Verbesserung an den Transfert

Obwuel Héierverständnesübungen ëmmer fir d'éischt an Eenzelaarbecht gemaach ginn, kënnen d'Verbesserungen amplaz am Plenum och a Partner- oder Gruppenaarbecht gemaach ginn. D'Apprenantë schwätzen dann net nëmmen iwwert d'Léisung, si diskutéieren am Zweifelsfall och, firwat si sech fir déi eng oder déi aner Äntwert entscheet hunn a wou si Schwieregkeeten haten. Doduerch ginn si de Problemer méi op de Fong, wat d'Autonomie vun hirem Léierprozess fërdert. Wann néideg, kann den Enseignant awer och an de Verbesserungsprozess agräifen a Schwieregkeeten, déi sech a ville Gruppe manifestéiert hunn, nach eng Kéier am Plenum opgräifen.
Allgemeng gëllt, datt dee ganzen Oflaf mat enger mëndlecher oder schrëftlecher Produktioun ofgeschloss gëtt, déi zu engem Transfert vun deem Geléierten an den Apprenanten hiert perséinlecht Liewe féiert.

b. D'Liesverstoen

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? bitt vill verschidden Textzorten: Flyeren, Annoncen, Beschreiwungen, e Manifestationskalenner, E-Mailen, Rezepter, … Un dës verschidden Textzorte geet een, ob an enger Friemsprooch oder an der Mammesprooch, mat verschiddenen Interessen an Ziler erun.
Wann ee sech iwwert en Theema an allen Detailer informéiere wëll (z.B. e Rezept), liest ee méi genau, wéi wann ee just eng bestëmmt Informatioun am Text eraussicht (z.B. e Flyer).
D'Apprenanten hunn oft d'Bedürfnis, alles an den Texter genau ze verstoen. Dat ka besonnesch beim Asetze vun authenteschen Texter bei den Ufänger fir Frustratioun suergen. An deem Fall hëlleft et, drop hinzeweisen, datt een och an der Mammesprooch net ëmmer all Text an allen Detailer liest an datt d'Liesübung sech just op déi an der Uweisung formuléiert Aufgab begrenzt.
Beim Liesverstoe gëtt generell tëschent dräi verschiddene Liesstiler ënnerscheet, déi oft kombinéiert ginn. D'detailléiert Liese kënnt oft no enger Phas vu globalem oder selektivem Liesen.

Zil vum Liesen	Zort vum Liesverstoen	Beispiller
Verstoen, ëm wat et am Text geet	Globaalt Liesverstoen	• 1. Kuckt d'Fotoen a liest d'Titele vun den Texter. Wat fir eng Foto passt bei wat fir en Text? Kombinéiert. (S.35) • 2. Wat feiere si? Kräizt un. (S.83)
Spezifesch Informatioune sichen	Selektiivt Liesverstoen (geziilt Liesen)	• 5. Liest d'Froen an äntwert zu zwee. (S.58) • 5. Wielt e Flyer. Beäntwert d'Froen an der Grupp a maacht duerno eng Presentatioun virun der Klass. (S.63)
Eppes genau wësse wëllen	Detailléiert Liesverstoen	• 2. Liest d'Sätz a kräizt „richteg" (R) oder „falsch" (F) un. (S.56) • 2. Kuckt d'Fotoen a liest d'Rezept. (S.80)

Fir all Liestext, deen an der Klass gemaach gëtt, sollt wa méiglech folgenden Oflaf respektéiert ginn:

1. D'Virentlaaschtung

Och beim Liesverstoen ass d'Virentlaaschtung wichteg, fir d'Virwëssen ze aktivéieren an de Kontext ze verdäitlechen. Beispiller fir eng Virentlaaschtung am *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* sinn de Layout (z.B. Flyeren), d'Fotoen (z.B. Gromperekichelcher) oder d'Illustratiounen, déi e Liestext ënnerstëtzen. D'Form vum Text weist engem oft schonn, wat fir eng Textzort et ass a baut bei der Persoun, déi e liest, eng Erwaardung op, déi d'Astellung beim Liese beaflosst. Eng Aarbechtsannonce liest een op eng aner Manéier wéi e méi laangen, duerchlafenden Text, e Rezept anescht wéi eng perséinlech Erzielung.

2. D'Übunge liesen a verstoen

D'Uweisung iwwerhëlt am Unterrecht oft d'Funktioun vum Liesinteressi a weist drop hin, wéi den Text gelies oder beaarbecht gi soll.
En Text an der Klass Saz fir Saz virliesen ze loossen, féiert eigentlech net zum Verstoe vum Text. Beim Virliese sinn d'Apprenanten nämlech virun allem mat der Aussprooch beschäftegt a kënne sech net mam Inhalt auserneesetzen. Dofir gëtt d'Liese vun den Texter normalerweis fir d'éischt an Eenzelaarbecht gemaach.

3. D'Verbesserung an den Transfert

D'Léise vun den Aufgaben an déi weider Textbeaarbechtung sollt zu zwee oder a klenge Gruppe gemaach ginn. An dëser Phas, wou den Inhalt vum Text jo scho kloer ass, kann et duerchaus sënnvoll sinn, d'Liestexter haart liesen ze loossen, fir d'Aussprooch an d'Intonatioun ze üben.
Normalerweis sinn d'Liestexter am *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* en Input, fir duerno iwwert dat perséinlecht Liewen oder Ëmfeld ze schwätzen.

c. D'Schwätzen

Am handlungsorientéierten Unterrecht steet d'Schwätzen am Mëttelpunkt. Nom GER gëtt tëschent monologeschem (z.B. eng Persoun presentéieren a beschreiwen) an dialogeschem Schwätzen (diskutéieren a Meenungen austauschen) ënnerscheet. Ausserdeem ënnerscheet een tëschent reproduktivem, gelenktem a fräiem Schwätzen, déi am *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* oft openeen opbauen (cf. Beispiller am Tablo).

Schwätzen	Übungsformen	Beispiller
Reproduktiivt Schwätzen	Noschwätze vu Wierder oder Dialogen	• 2. Liest den Dialog elo haart zu zwee. (S.32) • 3. Liest a lauschtert de Vocabulaire. Schwätzt d'Wierder haart no. (S.90)
Gelenkt Schwätzen	Sproochlech Strukture ginn (deelweis) virgi fir ze schwätzen	• 3. Liest den Dialog mat Variatiounen + 4. Spillt den Dialog elo mat Ären Donnéeën. (S.32) • 5. Kuckt de Manifestatiouns-kalenner a maacht e Rendez-vous mat enger Persoun aus der Klass. (S.57)
Fräit Schwätzen	Dialoge fräi schwätzen, eppes erklären, erzielen, …	• 4. Bréngt Fotoe vun Ärer Famill mat a schwätzt an der Grupp (S.85) • Sicht Informatiounen iwwert eng vun dëse Persounen a maacht eng Presentatioun an der Klass. (S.95)

<u>Authentescht Schwätzen am Cours</u>

Fir schwätzen ze léieren, muss ee virun allem schwätzen! Duerch Aktivitéite wéi d'Plange vu Projeten (z.B. e Menü plangen (S.77)) oder duerch Diskussiounen (z.B. seng Meenung äusseren (S.89)) kritt all Apprenant vill Méiglechkeeten, fir am Cours ze schwätzen. Duerch d'Vergläiche vun de Léisunge vun Übungen an d'Feelerkorrektur a klenge Gruppen entsti weider Gespréichssituatiounen. De positiven Effekt, deen esou Gespréicher am Grupp hunn, ass, datt et doduerch zu enger authentescher an net dirigéierter Kommunikatioun tëschent den Apprenantë kënnt. An de klenge Gruppe steet nämlech net onbedéngt déi formal Korrektheet am Mëttelpunkt, mee d'spontaant Schwätzen. Wann néideg, kann den Enseignant och agräifen a méi spéit am Plenum op verschidde Problematiken agoen, déi sech a ville Gruppe manifestéiert hunn.

Gelenkt Schwätzen am Cours

Am *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* ginn et vill verschidden Aktivitéiten an Übunge fir ze schwätzen. Nom Noschwätze vun de sëllegen Dialoge gëtt et oft d'Méiglechkeet, dës duerch Variatiounen ze trainéieren. Domat liesen d'Apprenanten net just of, mee produzéieren eppes Neies. D'Gefor, Feeler ze maachen, ass dobäi zimmlech kleng, well déi wichteg Strukturen an Expressiounen aus dem urspréngleche Dialog bäibehal ginn.
Duerch dat ganzt Léierwierk fënnt een ausserdeem Kommunikatiounskëschten, an deenen nei a wichteg Elementer a Strukture gesammelt an ervirgehuewe ginn. Si ginn ëmmer an enger mëndlecher Aktivitéit, déi en direkte Bezuch zum perséinleche Liewe vun den Apprenanten huet, benotzt an ageüübt. Doduerch geschitt en Transfert vun der theoreetescher Situatioun aus dem Léierwierk an de reellen Alldag.

Schwätzen als Hëllefsmëttel

Am Fokus vun dëse mëndlechen Übunge steet e grammateschen oder e lexikaleschen Zweck, wéi z.B. d'Noschwätze vu Wierder (Vocabulaire vun de Faarwen (S.14) oder vum Kierper (S.90)) oder d'Trainéiere vum Possessivartikel (S.87).

Aussprooch

An all Kapitel gëtt eng speziell Schwieregkeet vun der lëtzebuergescher Aussprooch behandelt, z.B. d'n-Reegel (Kapitel 1), den typesch lëtzebuergesche Laut *ou* (Kapitel 2), d'Ënnerscheeder tëschent *éi/ei/äi* (Kapitel 3).
D'Apprenantë léiere fir d'éischt, déi lautlech Ënnerscheeder ze erkennen, fir se duerno korrekt kënnen auszeschwätzen an anzesetzen.
D'Rubrik Aussprooch ass generell folgendermoossen opgebaut:
1. Lauschteren an haart noschwätzen
2. Änlech Lauter ënnerscheeden
3. Aktivéierung vu scho bekanntem Vocabulaire (z.B. eng Lëscht opstellen)
4. Aussprooch vun de Wierder aus der eegener Lëscht

d. D'Schreiwen

D'Schreiwen huet keen esou en héije Stellewäert am Unterrecht, zemools an den Ufängerniveauen. Trotzdeem ginn et awer och e puer Übunge fir ze schreiwen, an och hei ënnerscheet een tëschent reproduktivem, gelenktem a fräiem Schreiwen.

Schreiwen	Übungsformen	Beispiller
Reproduktiivt Schreiwen	Ofschreiwen, Lückentexter	• 2. Liest a schreift den Text fäerdeg. (S.46) • 6. Liest a lauschtert den Text. Fëllt d'Postkaart fäerdeg aus. (S.59)
Gelenkt Schreiwen	Sproochlech Strukture ginn (deelweis) virginn, fir ze schreiwen	• 8. Schreift enger Persoun aus der Klass eng Postkaart. (S.59) • 9. Kuckt d'Bild a liest d'Messagen. Sicht nach aner Excusen. (S.91)
Fräit Schreiwen	Dialoge fäerdeg schreiwen	• 2. Dir hutt Informatiounen iwwert de Patrick. Schafft an der Grupp a schreift d'Gespréich fäerdeg. (S.92) • 1. Liest a lauschtert d'Gespréich. Wat bestelle si? Schreift d'Gespréich fäerdeg. (S.78)

Schreiwen als Zilkompetenz

D'Schreiwen um Niveau A1 limitéiert sech virun allem op SMSen, E-Mailen, Postkaarten an aner kuerz perséinlech Matdeelunge mat feste Wendungen (z.B. Uried a Schlussformel) an Ausdréck (z.B. Entschëllegungen).
D'Korrigéiere vun de schrëftleche Produktioune kann op verschidden Aart a Weise geschéien, entweeder just duerch den Enseignant oder awer duerch d'Apprenantë selwer. De Léiereffekt ass méi grouss, wann d'Apprenanten hir Produktiounen ënnerteneen austauschen, géigesäiteg verbesseren an duerno doriwwer diskutéieren. Bei dëser Method soll den Enseignant awer natierlech ëmmer disponibel sinn, fir bei eventuelle Problemer ze hëllefen.
Heiansdo ass et awer och sënnvoll, datt den Enseignant déi eenzel Produktioune schrëftlech an detailléiert verbessert a kommentéiert. Am Idealfall schreiwen d'Apprenanten se duerno nach eng Kéier nei, fir datt si eng korrekt Versioun vun hirem Text hunn.

Schreiwen als Hëllefsmëttel

Bei dësen Übungen erfëllt d'Schreiwen e ganz bestëmmt Zil, z.B. Notize maachen, Stéchwierder zu engem gewëssen Theema opschreiwen oder d'Memoriséiere vun neiem Lexique ënnerstëtzen.

e. De Lexique

D'Uneegne vum Lexique dréit zu enger erfollegräicher Kommunikatioun bäi. Och wann d'Wierder just eenzel Bausteng sinn, spillen se awer eng zentral Roll an der Kommunikatioun. Grammatesch Ongenauegkeeten oder Feeler maachen d'Kommunikatioun méi schwéier, mee ouni déi richteg Wierder ass se guer net méiglech. Wichteg ass et, datt Wierder net isoléiert geléiert ginn, mee ëmmer an engem Kontext stinn a mat Associatiounen an Emotioune verbonne ginn.
D'Illustratiounen am *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?* kënnen iwwert d'Übungen eraus benotzt ginn. Si eegne sech gutt, fir de Vocabulaire ze üben an ze erweideren. Sou kann een z.B. Hypotheesen zu verschiddene Persounen oder Situatiounen opstellen, Persounen oder Saache beschreiwen, d'Zeenen interpretéieren asw.

Lexique	**Übungsformen**	**Beispiller**
Lexique verstoen	Erklärungen duerch Illustratiounen, Synonymmen a Géigesätz	• 1. Lauschtert d'Beschreiwungen. Wéi ass den Hond a wéi ass d'Kaz? Maacht e Feil. (S.88) • Illustratioune vun Iessen a Gedrénks (S.68-69)
Lexique reproduzéieren	Lëschten, Wuertfelder	• 6. Kuckt d'Lëscht mat de Produkter. Wat kaaft Dir oft? Schreift aacht Produkter op Är Akafslëscht. (S.71) • 7. Wat fir Aktivitéite mécht ee virun allem am Summer? Wat fir Aktivitéite mécht ee virun allem am Wanter? Maacht eng Lëscht mat Hëllef vum Dictionnaire. (S.59)
Lexique benotzen	Gelenkt Schwätz- a Schreifübungen	• Kommunikatiounskëschten • Variatioun vun den Dialogen
Sech mam Lexique auserneesetzen	Wuertbildungen, Sprooche vergläichen	• 1. Kuckt d'Biller a liest. Fëllt den Tablo fäerdeg aus. (S.38) • Wierderlëscht (S.112ff.)

f. D'Grammatik

D'Grammatik gëtt net onbedéngt explizitt behandelt, mee éischter a feste Wendunge geléiert, déi sech duerch Widderhuelung an Trainéiere festegen. Se gëtt induktiv vermëttelt, d.h. déi nei grammatesch Forme gi fir d'éischt an engem Text identifizéiert a markéiert, an eréischt da schematesch duergestallt an den Apprenantë bewosst gemaach.

Grammatik	Übungsformen	Beispiller
Eppes Grammatesches erkennen	Ënnersträichen, markéieren	• 1. Wou schaffen d'Leit? Liest d'Texter an ënnersträicht d'Aarbechtsplazen. (S.40)
Reproduktiv Grammatikübungen	Eng bekannt Struktur uwenden	• 4. Wat mécht si? Wéini mécht si dat? Beschreift hiren Dag. (S.53)
Gelenkt Grammatikübungen	Lückentexter, Sätz fäerdeg maachen	• Wat feelt? Mäin, däin, säin, meng, deng, seng? Fëllt d'Sätz fäerdeg aus. (Zousazmaterial, Kapitel 6)
Grammatesch Formen a Strukture benotzen	Erzielen, beschreiwen	• 6. Wat maacht Dir? Wéini maacht Dir dat? Beschreift Ären Dag. (S.53)